# Mediensplitter vum Romain Kohn

## Schreiwen als existentielle Rhythmus

*D'Françoise Giroud, déi grouss al Dame vum franséische Journalismus, huet eneit Buch erausbruecht. Geschriwwe kann een nët soen, well et handelt sech em de Protokoll vun enger Rëtsch Interviewën, déi am Laf vum Joer 2001 gefouert goufen. Gespréichspartner war d'Martine de Raubaudy, déi haut* grand reporter *beim* Express *as – also deem Magazin, deen d'Françoise Giroud 1953 matgegrënnt huet.*

Mat 85 Joer an nach ëmmer deem nemmlechte wonnerbare Laache mat de Kailercher brauch d'Françoise Giroud sech an der Öffentlechkeet wierklech näischt méi ze beweisen. Si war mat 20 Joer Scriptgirl beim Jean Renoir séngem Film *La grande illusion*, duerno Chefredaktesch von *Elle* tëscht 1945 an 1953. Dat Joer huet si, zesumme mat dem Jean-Jacques Servan-Schreiber, den *Express* gegrënnt.

Do huet si geschriwwen an dirigéiert, bis si 1974 fir dräi Joer an d'Politik gewiesselt as: fir d'éischt als Staatssekretärin fir d'*condition féminine*, duerno fir d'Kultur. Zanter 1986 schreift si d'Televisiounskritik vum *Nouvel Observateur*, wat awer jhust en Trick as: a Wierklechkeet kommentéiert si d'Aktualitéit vun der Woch, egal a wat fir engem Domaine.

Françoise Giroud



Wat d'Françoise Giroud iwwert hieren Aarbechtsstil an dee vum Journalist am allgemengen ze verzielen huet, gehéiert zu deene méi flotten Deeler aus de Gespréicher mat dem Martine de Rabaudy. Woch fir Woch en Text ofzeliwweren as fir si en existentielle Rhythmus, well en hier Zäit, hiert Denke an iwwerhaapt hiert Liewen strukturéiert.

A si, déi selwer Romaner an Dréibicher verfaasst huet, mecht sech absolut keng Illusiounen iwwert de kulturelle Wert vun hierem Beruff: Fir eppes literaresch Wertvolles op d'Been ze stellen, sief dat um Pobeier oder um Ecran, muss een eng artistesch Oder hun. Fir als Journalist Succès ze hun, geet et duer, e gudden Handwierker ze sin – a fläisseg. Heiansdo as et gudd, un elementär Regele vu séngem Métier erënnert ze gin.

Gudd as *Profession journaliste* ëmmer dann, wann d'Françoise Giroud iwwert hiere Beruff an hier Erfahrungen nodenkt. Da seet si Saache wéi: datt ee Journalisten nët kommandéiert, mee animéiert; oder: datt d'Vulgarisatioun vu Fakten d'Essenz selwer vum Métier as, och wann dee Begrëff haut eng negativ Konnotatioun huet. Och hier 5 Regelen, fir gudd ze schreiwen, misst een an all (Zeitungs)redaktioun ophänken. Nëmme leider maachen all dës Kapitelen plus d'Schlussreflexiounen iwwert d'Televisioun mol nët d'Halschent vum Buch aus.

Op der Majoritéit vun de Säite geet et em dichteg Leit, déi speziell am Liewe vum *Express* eng wichteg Roll gespillt hun: Pierre Mendès France, François Mauriac, Jean-Paul Sartre, Albert Camus. Jhust datt d'Françoise Giroud nët vill Analytesches a scho guer näischt Neits iwwert dës Personnagen ze soen huet ausser Anekdoten an Indiskretiounen. An d'Martine de Rabaudy limitéiert sech bedauerlecherweis dorober, déi néideg Stéchwieder ze liwweren amplaatz Froen ze stellen, déi dem Lieser hannergrënneg Informatioune hätte kënne bidden.

Kee Wuert duerfir och iwwert de Roman *Le bon plaisir* vum Françoise Giroud. E geet doranner em e President, deen aus engem Verhältnës e Jong huet. Wéi d'Mamm enges Dags hier Posch geklaut kritt, daucht e kompromettante Bréif op… Et war 1983 (de François Mitterrand hat zanter zwee Joer d'Muecht am Elysée iwwerholl), wéi d'Françoise Giroud dëse Roman publizéiert huet – erstaunlecherweis an op hieren ausdréckleche Wonsch hin an engem klengen Haus vun engem groussen Editeur.

Onschëlleg war dëse Geste nët, jhust hun dat deemols eleng déi initiéiert Kreeser verstan. De Verlag huet Mazarine geheescht, genee wéi – mee dat as d'Öffentlechkeet eréischt 1994 gewuer gin – dem Mitterrand séng onehelech Duechter. Dat as déi Zort *clin d'œil*, déi d'Françoise Giroud appréciéiert. Hier Gespréicher mat dem Martine de

Rabaudy iwwert de Journalisteberuff gewannen doduerch awer nët onbedéngt u Schäerft.

*(Medië-Chronik um honnert,7 vum 2. Dezember 2001)*